ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 10. September 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister an un den Här Minister fir den ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

Am Hierscht 2015 sollt eng Etüd iwwert d'Primme beim Staat lancéiert ginn. An der leschter Legislaturperiod vun der Regierung (2013 - 2018) gouf am Kader vum Gehälteraccord decidéiert, datt sech bei de Primmen näischt ännere soll an als éischt eng Etüd iwwert d'Primmen an d'Accesoires de Traitement an der fonction publique duerchgefouert soll ginn. D'Association Luxembourgeoise des Bachelors scientifiques des Communes et des Syndicats de Communes (ALBSC) hat den deemolege Minister vum ëffentlechen Déngscht an och den Inneminister saiséiert, well och si an hirem berufflechen Alldag dovunner betraff sinn, notamment am Zesummenhang mat hirer Disponibilitéit fir déi politesch Responsabel ausserhalb vun den Aarbechtszäiten. An den Ae vun der ALBSC wier deemno eng adequat Primm d'Astreinte méi wéi iwwerfälleg an och eng eenheetlech Primm fir de Sécherheetsdelegéierte vun der Gemeng. Zu béide Sujete gëtt et an den Ae vun der ALBSC keng oder just veraalte Gesetzestexter. Den deemolege Minister huet der ALBSC 2017 geäntwert, datt bis zum Ofschloss vun där uewe genannter Etüd keng nei Primme méi diskutéiert géife ginn. Des war awer spéitstens am Dezember schonn net méi wouer, well do mat den Educateuren eng Primm ausgehandelt gouf, am Zesummenhang mam SAS-Kollektivvertrag. Et ass dono allerdéngs ni zu der Ëmsetzung vun deem Accord komm, wëll dat 2018 am Kader vun der Revisioun vum Reklassement iwwer eng speziell Klausel geléist gouf, déi ënnert Anerem d'Éducateurs gradués par Rapport zu de fréieren Ingénieurs Techniciens favoriséiert - e groussherzoglecht Reglement, deen d'ALBSC dofir bis haut ufecht. Et stellt sech elo d'Fro, wou déi Etüd drun ass, well d'Leit um Terrain no iwwert fënnef Joer nach ëmmer keng zousätzlech Informatiounen zu där Etüd kruten.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Ginn et schonn nei Informatiounen, wou déi genannten Etüd de Moment drun ass, respektiv, ob et hei iwwerhaapt nach e Suivi gouf?
2. Ass d'Regierung an deem Kontext och bereet, op déi berechtegt Doleancë vun der ALBSC anzegoen, déi notamment eng Primm d'Astreinte froen an/oder eng eenheetlech Primm fir de kommunale Sécherheetsdelegéierten?

3. Wéi ass et an den Ae vun der Regierung ze veräntwerten, datt de Staat anere Beruffszweiger mat Primmen entgéint kënnt, wéi z.B. beim aktuelle Kollektivvertrag vun de Staatsaarbechter, an déi berechtegt Fuerderunge vun der ALBSC aus dem Bléck léisst?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten